N°7106
Entrée le 02.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.11.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 02. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Ëmmer méi international Virologe warne virun enger neier Covid 19 Variant, der BQ.1.1. Dës Variant verbreet sech däitlech nach méi schnell wéi d'Omikron Variant am Fréijoer 2022.

D'Virologe gi mat enger grousser Warscheinlechkeet dovunner aus datt d'Variant BQ.1.1 nach virun Enn November eng nächst gréisser Covid- Wëll wäert mat sech bréngen.

An dem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch stellen.

- Madamm Ministesch ass d'Variant BQ.1.1 och schonn hei zu Lëtzebuerg nogewise ginn ?
- Wa jo, wéi vill Infektioune mat dëser Variant goufe bis haut identifizéiert ?
- Wa nee, wéi eng Variante vu Covid-19 sinn aktuell nach am dominantsten hei zu Lëtzebuerg

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Max Hengel**

**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7106 vum 2. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel**

Wéi de wëchentlechen ReViLUX Rapport, deen vum Laboratoire national de Santé (LNS) publizéiert gëtt, dokumentéiert zirkuléieren aktuell nëmmen Omicron Varianten vum SARS-CoV-2 Virus. Zu Lëtzebuerg sinn dat haaptsächlech d'Sous-Varianten Omicron BA.5 (77% an der Kalennerwoch 42), den Omicron BQ.1 (13%, woubäi den BQ.1.1, deen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, eng weider Sous-Variante vun der Sous-Variante BQ.1 vum Omicron ass), gefollegt vum Omicron BA.4 (mat 6.5%). All aner Sous-Varianten si ganz rare. De Fait, dass mir dësen BQ.1 säit elo 7 Wochen schonns zu Lëtzebuerg isoléieren, an en trotzdeem elo eréischt 13% ausmécht déit net drop hin, dass en däitlech méi transmissible ass, och wann domat ze rechnen ass dass en progressiv dominant wäert ginn. Am Ganzen goufen bis elo 242 Infektiounen mat BQ.1 zu Lëtzebuerg identifizéiert.





*Figure 6. Distribution of lineages within the representative sample during the last 10 weeks.*

(extrait vum Rapport ReViLUX vun der Kalennerwoch 42, ReViLux - Week 42/2022 - LNS)

Lëtzebuerg, den 14. November 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert